

Lëtzebuergesch Schreif

Keng Sprooch kann onni dees Schrëftleche „stabiliséiert“ oder an der Riicht gehal ginn (net oprecht). Wat giff z.B. nach vum Griecheschen oder dem Latäin bestoen, onni dat Geschriwwent? D'Bibel oder de Koran onni hiert schrëftlecht Fixéieren? Net dran. Datselwecht fënnt sech iwwer de ganzen asiatesche Kontinent an seng (héich!) Kultur. Wéi soll een Hieroglyphen oder arabesch Schrëft-Zeien dann anescht kucken?

Alles mat der Mooss, **mä deem krappege Lëtzebuergesche geet et net anescht**... dat ower érischt zënter dem Ufank vum 19. Joerhonnert. Wéinst dem Tunn Meyer, dem Diederhofen, dem Gangler, dem Lentz, dem Dicks, dem Rodange, dem Thyen an enger Rëtsch anere Schreiwerte kënnen mir haut zimlech gutt erausfannen, wéi eis Ur- an Ururur-Eltere geschwat hunn; natierlech net onbedéngt wéi dem Dicks seng Theaterméchelen; och net all an iwwerall wéi dem Rodange seng esou mënschlech Déieren ... eent duerch d'anert kréie mir domat ower eraus, wéi et sech mam „Vokabulär“, dem Sazbau, der „Melodie“ an dem Takt vun eiser Sprooch hat. Dat kënnen mir no hannerzeg bis viru ronn 200 Joer op sichen, also méi ewéi aacht Generatiounen. An dann: Schlësslech hunn dem „Blannen Theis“ oder dem Tunn Meyer hir Elteren ewell am 18. Joerhonnert gelieft; dem Dicks, dem Rodange oder dem Lentz hir Eltere sinn deer „Aller“ och nach gewiescht; dat geet bis an d'Maria-Theresia-Zäit! **Et kënn ee soen, déi méi spéit Schreiwerten hätten d'Lëtzebuergesch da virum Verblatzen a Verschwanne „gerett“.**

Dee politesche Fong spillt natierlech och eng grouss Roll; Zäite wéi déi ëm 1815 – 1839 – 1867 – 1890 hunn nach aner Elementer fir d'Erhale vun eiser Sprooch mat sech bruecht. An deer Zäit huet sech nun emol e „Bewosstsinn“ entwéckelt, dat een am Ausdrock „*De l'Etat à la Nation*“ erausspiert. Natierlech ass dat hei e laaaaangen Ulaf, fir bei „Lëtzebuerg Bicher“ ze landen, mä et schéngt nun emol **net vu Muttwëll, wann u bestëmmten Elementer fir d'Wuerzele vun eiser Sproochentwécklung erënnert gëtt. Och eis „soziopädagogesch“ Aarbecht fir d'Sprooch huet do eng „Krell“ zegutt!**

Schlësslech ass et fir d'Lëtzebuergesch kee **François I^{er}** ginn, fir vun uewen erof ze ordonnéieren, datt d'Franséisch (zënter dem 16. Joerhonnert) als eenzeg Iwwersprooch vum Kinnekräich ze gëllen hätt ... eng „Speis“, déi Frankräich bis haut an der Riicht hält ... an de Buedem fir eng formidabel Literatur sollt ginn. Mir haten och kee **Luther**, deen d'Bibel an en Däitsch gesat huet, dat am Fong e „Gepechs“ vun den deemolegen Dialekter a selwer „gebakenen“ Ausdréck war ... aus deem d'Houdäitsch vun haut erausgang ass, natierlech mat deer genialer Schreiwere- an Dichterei, déi mir kennen. Reng politesch war dee Sprooch-Phenomän **dselwecht an „England“**, wéi Kinneken aus franséischen Haiser aus dem Al-Engleschen dat modernt „gemëscht“ a commandéiert hunn, dat mir haut kennen. Et kënn een sech och nach esou Gedanken iwwer d'Italiénescht, d'Spuenescht oder aner Sproocher vun haut maachen; eent ass sécher: D'Literatur, **d'Bicher an dat Geschriwwent am Allgemenge spillen dobäi iwwerall eng Haaptroll!**


Wat ass da vru ronn 40 Joer op Lëtzebuergesch erauskomm? Dat konnt een un de Fangeren opzielen. Dobäi waren et och nach bal nëmme Gedichter ... a wie liest da scho Gedichter? Wat guff et an der Press op Lëtzebuergesch? Rose-rosewéineg, emol praktesch keng eenzeg Familjenannonce. An der Schoul? Zwar e „Fach“ mat enger „Nummer“ op der Zensur ... ower emol kee Buch (Schilda!). **Haut schwamme mir souzesoen a Bicher op Lëtzebuergesch;** et ka kee méi soen, et wier kee Material do, fir dem Lëtzebuergeschen an der Schoul déi Plaz ze ginn, déi et zegutt huet. A jiddwer Bicherbuttek fannt dir stoussweis Publikatiounen an eiser Sprooch ... a mir si grad an deer heemlecher Zäit, wou ee mat engem lëtzebuergesche Buch vill Freed an eppes fir d'Gewunnecht ka maachen, déi Sprooch ze liesen, déi nun emol déijéineg ass, déi mir als éischt geléiert hunn, onni dovun ze schwätzen, **datt „eis“ auslännesch Leit d'Lëtzebuergesch doduerch och anescht kucken**, wéi wann et nëmme gebabbelt gëtt.

Gefillssaachen

Wann ee gutt iwwerleet, da spiert een en Ënnerscheid tëscht „**léif mat engem sinn**“ an deem franséischen „*être gentil*“; esouguer dat däitscht „*lieb zu jemandem sein*“ ass gefillsmëssig net datselwecht. Probéiert emol eis Verben „*heemelen, stréilen, kruwwelen*“ an aner Sproocher ze iwwersetzen. Dat ass net esou einfach, wéi et op den éischte Siess schéngt.

Vun enger ganz anerer Säit gekuckt, hu mir wierklech **eiser typescher Ausdrockweise** fir wann et méi iescht gëtt: *Ee lasszieren – engem Streech ginn – engem der ginn – ee bäätschen – een zerschloen/zerruppen* ... do fannt dir einfach keng wuertwärtlech Iwwersetzung an iergendenger vun eise bekannter Friemsproocher. Et ka jo sinn, datt dat dësem oder deem klengkarréiert a guer net wichteg schéngt ... deen ower vläicht soss esou gär vun eisem aarmen, wann net esouguer aremséilegen Dialekt schwätzt ... zweemol falsch!

vum Lex Roth



(Zeechnung: O. Jaminon)

De Glühwäin an de Krëschtmaart?

Et ass net watderdäiwel „originell“, wa gemengt gëtt, mir missten och **hei bei äis en Oktoberfest hunn; eis „Fouer“ hält – an de Moossen – de Verglach aus!** Datt hei (dacks gelount an deier bezuelt) „*Karnevalsprënzen*“ op „*Kapesätzungen*“ dorëmmer geeschten an all Fues- oder Bokebal an den Eck gedréckt hunn ... d'meescht schlecht op Kavalkaden nogemaach a vun Originalitéit keng Spur!

Grad esou huet et sech mat deem „**Glühwein**“ vun deer „**anerer Säit**“; bei äis „glüht“ guer a glat näischt, et gloust héchstens (op typesch EISES, esou wéi wann ee Féiwer huet); dee Wäin ass „gliddeg“ (gliddege Wäin?) ... esouguer am Däitschen ass dat „Glühen“ alles anescht wéi sprooch-kauscher. Et soll esouguer Leit ginn, déi mengen, datt eng „wodeleg“ Flëssgeket ewell „läuwaarm“ wier ... giff et iech verwonneren, wann op eemol aus eise schmëcheg-genëssege Gromperekichelcher geschwënn och nach „Gromperepuffer“ genge ginn ... egal, gellid ... éischer **„egal wat“!** A wéi ass et mat eise „gebakene Fësch“, déi dach wierklech eemoleg sinn ... wéi wier et do mat engem „Patent“ wéi beim „Thüringer“? Loosst den Englänner och hir „chips“; hire „fish“ muss, z. B., bei eisem „Fouerfësch“ „passen“ ... an iwwerleet emol wéi „echt“ lëtzebuergesch een dat ka kommentéieren!

Dann: Wéi dacks muss een nach **kloermaachen, datt „Chrëschttag“ mat „Christus“ ze dinn huet** an näischt mat de Gissercher hirem gudde „Krësch“ ... si hunn all Dag ... Krëschdag ☺; dee griechesche „*chi*“ ass nun emol kee „*Kappa*“! Wien sech dann nawell „pafefrupseg“ net packt, dee soll e Veräin grënden, dee géint den Ufank vun eiser Zäitrechnung op d'Barrikade geet, all Feier- a fräien Dag op reliésem Fong ofschaaft! Verbruetheet ass nun emol eng Kränkt wéi eng aner ... a Fanatismus huet vill Gesichter.

E gelangene Concert

... gëtt et bei äis net. **Bei äis „geléngt“ näischt;** et geréit gutt ... oder et ass/war einfach gutt! Famill (fir d'Ouer) mat deem „Geléngen“ ass an eiser Sprooch héchstens dat, woumat an der Zäit eng Zopp gemaach gouff, déi der vill net méi kennen: **eng „Gehäckzopp“.** **Do waren d'Longen an d'Häerz vum Giss/Kaléf (= d'Geléng!)** kleng geschnidden dran, dat mat enger schmëcheger Britt a Quetschen. Brrrrrrrrr! Nixdegibbi, e Genoss! ... ower nëmme wann et éierbar gemaach ass, also „gutt geroden“, net gelongen. Kuckt emol am Ketty Thull oder dem Tun Nosbusch hire Kachbicher; probéiert et genee esou, da „geréit“ d'Gehäckzopp ganz sécher; et ass scho „gelungen“, si „geléngt“ ni!

Am selwechte Streech sollte mir emol vläicht driwwer nodenken, wéi et sech mat zwee anere ganz typesch lëtzebuergeschen Ausdréck huet: gelungen a bosseg ... leider iwwerleeë mir net genuch, wéi wäit esou Wiederer vun allen anere Sproocher ewech sinn; dat ass dach ... *gelungen*, vläicht och *bosseg*, souguer *koppeg*, djee: eng **arem Sprooch** ☺.

Dajee alt

Et huet emol e francophonen Intelligenzbéisch sech domat wichteg (oder lëschteg) wëlle maachen, **d'Lëtzebuerg hätt jo emol keen Ausdrock fir „je t'aime“** ... do misst ee bal froen, wéi d'Fransouse fir en Dabo, en Eefalt, e Klautchen, en Topert oder en Trëllert giffe soen.

Gewëss, **mir hu kee Verb fir aimer/amare/to love ... mä wat soll dann dorun esou gelungen oder schimmeg sinn?** Wat ass de gedanklechen (nennt et „semanteschen“) Ënnerscheid tëscht *eppes* oder ee „*gär hunn*“ an engem vun deene Verben aus anere Sproocher? Keen!

Ëmgedrëint wier et grad esou eefälleg, eis Sprooch ze veruzen, well mir näischt mat deem franséische „*chéri*“ oder „*chou*“ kënnent ufänken ... firwat iwregens de „Kabes“ hei mat eranhuelen? An dann: Et gëtt e sëlliche Lëtzebuergereinen a Lëtzebuerg, déi fir „*mon amour*“ ganz einfach „Léiwi“ wielen; firwat soll dat manner schéi si wéi dat Däitscht, Franséisch oder Englescht? Wéi soen d'Fransousen da fir „*Stupp/Stippchen, Stuppi, Maischen, Schowi, Butz*...“? Deem Téinert vun hei uewen äntwert een am beschten, hie soll äis „gär hunn“; dat soll hien dann emol an d'Franséisch iwwersetzen.

Mir wënschen iech
heemlech Feierdeeg
an en zefriddent
Joer 2016!